

REÇU  
Par Alf Christian, 11:18, 01/12/2020

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Sportsproffen sinn net d'accord mat der geplangter Reform beim Poste vum "Commissaire du gouvernement à l'éducation physique et aux sports", eng Plaz, déi dacks aus de Reie vun den Enseignante besat ginn ass. Den Titel selwer soll an Zukunft nach just "Commissaire aux Sports" sinn. Doraus ergi sech e puer Froen, déi mir deenen zoustännege Ministere gär géinge stellen:

1. Ass séchergestellt, datt an Zukunft d'Kommissäre fir Sport a Schoulsport mussen en akademesche Master-Ofschloss am Sport hunn?
2. Ass séchergestellt, datt si déi dräi Amtssproochen op héijem Niveau meeschteren?
3. Garantéiert den Här Sportminister, datt den Ancienetéitsprinzip am öffentlechen Déngscht respektéiert bleift an datt d'zukünfteg Kommissären a leedend Staatsbeamten a sengem Ministère nieft hierer akademescher Ausbildung och eng laang genuch Erfahrung an der staatlecher Verwaltung hunn?
4. Huet dee Kommissär am Sportsministère nieft senger berodender Aufgab fir de Minister net och eng Koordinatiounsverantwortung am Sportswiesen? Wär et dann net méi logesch, wann hie weiderhin d'Sportsaktivitéiten an de Schoule géing koordinéieren.

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



Jeff Engelen  
Deputéierten



Le Ministre

Luxembourg, le 7 janvier 2021

RECU  
Par Alf Christian, 12:41, 07/01/2021

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
43, boulevard F.D Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Objet : Réponse de Monsieur le Ministre des Sports et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 3229 des honorables Députés Monsieur Fred Keup et Monsieur Jeff Engelen au sujet de la fonction de commissaire du gouvernement à l'éducation physique et aux sports**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse commune à la question parlementaire n°3229.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

**Réponse de Monsieur le Ministre des Sports et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 3229 des honorables Députés Monsieur Fred Keup et Monsieur Jeff Engelen au sujet de la fonction de commissaire du gouvernement à l'éducation physique et aux sports.**

D'Froe vun den honorabelen Deputéierte bezéie sech op d'Funktoun vum Sportskommissär déi, niewent villen anere Bestëmmungen, och an der Gesetzesvirlag N°7708 e Sujet ass. Dofir verweist d'Regierung op d'Äntwert vum Sportsminister op déi parlamentaresch Fro N°3153 zum selwechte Sujet, respektiv op den Text vun der Gesetzesvirlag N° 7708 déi den 18. November 2020 an der Chamber deponéiert ginn ass.